

# Köln

## Informatiounsbroschür






**Lëtzebuerger Studenteclub Cölln**

# Virwuert

Fir t´Studiëjoer 2022/2023 huet den LSC-Lëtzebuerger Studenteclub Cölln eng nei Ausgab vun senger Studienbroschüre eraus bruecht. Köln ass eng beléiften Studentestad bei den Lëtzebuerger, well et hei net nëmmen eng Universitéit gëtt, mee och eng Technesch Héichschoul, eng Sporthéichschoul an divers aner Héichschoulen déi sech op verschidden Studienrichtungen spezialiséiert hunn. Des Broschür soll all Schüler an Student, deen sech fir een Studium zu Köln intresséiert, hëllefen, sech en Iwwerbléck ze verschafen. Dir fannt déi wichtegst Informatiounen zu deenen verschiddenen Schoulen kompakt zesummen gefaasst, an Linken zu Websäiten wou dir méi Detailer dozou fannt.

Nieft den Studien, fannt dir allerdéngs och vill Tipps wat t´Liewen zu Köln betrefft, „Wéi fannen ech eng Wunneng?",“Wéi kommen ech am beschten vun Lëtzebuerg op Köln?" oder och einfach „Wou kann ech gutt lessen goen oder mol en Patt huelen goen?" Köln huet nämlech als Stad och vill ze bidden, sou dass t´Studéieren hei richteg Spaass mëscht. Et ginn vill Véirelen wéi t´Belgisches oder Zülpicher Strasse, wou sech eng Bar un dei aner reit, Köln huet awer och flott Wisen an Parken, ganz beléift ass och den Aachener Weier, deen direkt hannert der Uni läit.

Den LSC ass den Cercle vun den Lëtzebuerger Studenten zu Köln. Mir treffen eis traditionell all Dënschden fir verschidden Aktivitéiten ze ënnerhuelen. Zu dësen Eventer gehéiert ënner anerem Fräibéieren, en Pubrallye, op den Chrëschtmaart goen, en Beerpongtournoi an villes méi. Et ass also fir jiddereen eppes dobäi. All Mënsch ass häerzlech wëllkomm an mir freeën eis ëmmer iwwer nei Gesiichter. En Cercle ass déi perfekt Ulafstell fir an enger neier Stad Leit kennen ze léieren. Dir kënnt gären eiser Facebook-Grupp „LSC-Luxembourgish Students in Cologne" bäitrieden an eis Säit „LSC-Lëtzebuerger Studenteclub Cölln" liken, fir iwwer t´Aktualitéiten an eis Eventer informéiert ze ginn. Vill Spaass beim liesen an villäicht begéint een sech jo dann iergendwann zu Köln!



*Comité 2022/23. Feelen: Max Metz an Jamie Kappler*

# Universitéiten an Héichschoulen

Déi zweetgréissten Universitéit an Däitschland befënnt sech zu Köln! Mee net nëmmen déi, och eng Rei aner Uni'en an Héichschoulen hunn hiren Sëtz an der Domstaat! Sou sinn eng Rei Studiengäng zu Köln vertrueden.




D'Universität zu Köln bitt 336 verschidden Studiegäng un an ass domadder déi gréissten Héichschoul zu Köln! D'Universitéit gëtt an **verschidden Fakultéiten** agedeelt:

- Wirtschafts- und Sozialwissenschaftliche Fakultät
- Rechtswissenschaftliche Fakultät
- Medizinische Fakultät
- Philosophische Fakultät
- Mathematisch-Naturwissenschaftliche Fakultät
- Humanwissenschaftliche Fakultät

Weider Informatiounen zu den verschidden Studiegäng ënner folgendem Link: www.zsb.uni-koeln.de/studienangebot

Fir all méiglech Informatiounen an Froen muss een sech als lëtzebuerger Student un d'International Office wenden: www.international.uni-koeln.de

**Wéini ass den Studienstart?**

D'Wantersemester start am Normalfall Ufanks Oktober an d'Summersemester Ufanks Abrëll. Déi genau Terminer an Fristen fënnt een ënner folgendem Link: www.zsb.uni-koeln.de/bewerber

**Sichtipp:** Et kann schwéier sinn déi gesichten Informatiounen um Internet ze fannen, dofir roden mir un all Informatioun op Google zesummen mat den Begrëffer "Uni Köln" ze sichen.

## Waat fir Bewerbungsfristen gëllen?

| Bewerbung für das 1. Fachsemester Studienfächer: | Ihre Bewerbung erfolgt über: | Fristen: |
|---|---|---|
| **Human- und Zahnmedizin – Staatsexamen (Stiftung für Hochschulzulassung, Hochschulstart)** | Die Bewerbung erfolgt ausschließlich über das Bewerbungsportal der Stiftung für Hochschulzulassung<br><br>www.hochschulstart.de | Siehe Webseite Hochschulstart |

| **Auswahlverfahren: Siehe Seite 22!** | | |
|---|---|---|
| **DoSV-Studiengänge (DoSV - Dialogorientiertes Serviceverfahren) alle zulassungsbeschränkten • 1-Fach- und Verbund Bachelor und • 1. Prüfung Rechtswissenschaften Vergabe über das Dialogorientierte Serviceverfahren (DoSV) durch die Stiftung für Hochschulzulassung (SfH)** | Die Bewerbung erfolgt über das Online-Bewerbungsportal Klips 2.0 der Universität zu Köln unter: https://klips2.uni koeln.de/co/webnav.ini Vorab müssen Sie sich bei der Stiftung für Hochschulzulassung (Hochschulstart) unter www.hochschulstart.de registrieren. Dort erhalten Sie die Benutzerdaten (BID/BAN Nummer), die Sie anschließend bei der **Onlinebewerbung bei Klips 2.0** eintragen müssen. Mehr zum DoSV finden Sie auf den Webseiten von Hochschulstart unter www.hochschulstart.de | **Wintersemester:** Online Bewerbung ⇨ **15.07.** Unterlagen ⇨ **20.07.**<br><br>**Sommersemester**: Online Bewerbung ⇨ **15.01.** Unterlagen ⇨ **20.01.** |
| **1-Fach-Bachelor (ohne Zulassungsbeschränkung) • Geophysik / Meteorologie • Geowissenschaften • Physik**<br><br>**Mehrfachstudiengänge (Lehramt-Studiengänge und 2-Fach-Bachelor)** | Die Bewerbung erfolgt ausschließlich über das Online Bewerbungsportal Klips 2.0 der Universität zu Köln unter https://klips2.uni koeln.de/co/webnav.ini | **Wintersemester**: Online Bewerbung ⇨ **15.07.** Unterlagen ⇨ **20.07.** **Sommersemester**: Online Bewerbung ⇨ **15.01.** Unterlagen ⇨ **20.01.** |

## Wat brauch ech fir mech unzemellen?

Allgemeng verleeft eng Bewerbung op der Uni Köln iwwert den Klips Online-Bewerbungsportal https://klips2.uni koeln.de /co/webnav.ini

## Folgend Dokumenter mussen am Laf vun der Bewerbung agereecht gi:

- den Ënnerschriwwenen "Antrag auf Zulassung"

- Kopie vum Pass oder vun der Carte d'Identité

- Kopie vum Premièresdiplom

- Et muss een mindestens en Niveau C1 am Däitschen virweisen kennen (mat enger lëtzebuergescher Première ass deen Niveau scho garantéiert)

**Wou kritt een eng "Zulassung" an wéini ass een op der Uni ageschriwwen?**

Soubal een op der Uni zu Köln ugeholl gouf, huet een 7 Deeg fir d'Zulassung unzehuelen, andeems een dat op Klips uklickt.

Dono muss een den Semesterbeitrag bezuelen. Den Betrag fënnt een op Klips, wann een sech aloggt. Wann déi bezuelt si, muss een nach verschidden Dokumenter iwwer Klips erareechen:

- den Ënnerschriwwenen Antrag

- Eng Bescheinegung dass een bei der Krankekeess ageschriwwen ass. Do geet et duer eng Kopie vun der Krankekeesskaart heichzelueden.

- Wann een scho op enger däitscher Uni ageschriwwen war, muss een eng "Exmatrikulationsbescheinigung" virweisen kennen

- Eng Foto fir den Studierendenausweis

Medezinsstudenten mussen och nach eng ënnerschriwwen "Erklärung Modellstudiengang Medizin" erareechen.

Allgemeng Informatiounen zur Universität zu Köln:

www.uni-koeln.de

Informationen zum Studium an der Universität bei der Zentralen Studienberatung: www.zsb.uni-koeln.de

Adresse: Universitätsstr. 22a, SSC (Studierenden-Service-Center), Erdgeschoss



# Technische Hochschule Köln

**Fachberäicher:**

-Ingenieursstudiengänge (Maschinenbau, Wirtschaft, Bauwesen, Rettungswesen, ...)

-Soziale Arbeit

-Angewandte Wissenschaften (Angewandte Chemie, Elektrotechnik,...)

-Digitales (Digital Games, digital Sciences, Cmmunication systems & Networking, …)

**Wichteg Terminer:**

| | |
|---|---|
| **Bewerbungsfrist:** | Wintersemester 15.07 / Sommersemester 15.01 |
| **Semesterbeginn:** | Wintersemester 04.10 / Sommersemester 20.03 |

**Dokumenter fir d'Aschreiwung:**

- Eng amtlech beglawegt Kopie vum „Diplôme de fin d'études secondai res". Soueng Kopie kritt een wann een mat sengem Diplome op d'Gemeng geet.

- Eng Online-Bewerbung


- An verschidden Studiegang ass een Stage oder een "Eignungstest" gefrot

**Aschreiwungskäschten:**

Ca. 380€

Allgemeng Informatiounen zur Technischen Hochschule:

www.th-koeln.de



# Sporthochschule Köln

**Fachberäicher:**

- B.A. Sport und Gesundheit in Prävention und Therapie

- B.A. Sportmanagement und Sportkommunikation

- B.Sc. Sport und Leistung

- B.A. Sport, Erlebnis und Bewegung

- B.A. Sportjournalismus

- Lehramt Sport und ein weiteres Unterrichtsfach

- souwéi zahlräiche Masterstudiengäng

**Dokumenter fir d'Aschreiwung:**

- Bestanen Eignungstest

- Eng amtlech beglawegt Kopie vum „Diplôme de fin d'études secondaires"

- "Antrag auf Einschreibung"

- Eng Krankeversecherungsbescheinigung

- Een "Zulassungsbescheid"

**Eignungsprüfung:**

"Die Prüfung dient der Feststellung der sportmotorischen Leistungsfähigkeit und ist grundsätzlich drei Jahre gültig. Sie wird in der Regel zwei Mal im Jahr angeboten. Der erste Termin findet Anfang bis Mitte Februar und der zweite Termin nach Pfingsten statt. "

**Aschreiwungskäschten:**

Ca. 250€

Allgemeng Informatiounen zur Sporthochschule:

www.dshs-koeln.de




# Hochschule Fresenius

**Fachberäicher:**

- Wirtschaft, Management & Kommunikation

- Gesundheit und Soziales

**Terminer:**

Eng Aschreiwung ass dat ganzt Joer iwwer méiglech. Verschidde Studiegäng starten am Summer an am Wanter an anerer nëmmen am Wantersemester

**Studienkäschten:**

Ca. 500-900€ am Mount

Allgemeng Informatiounen Zur Hochschule Fresenius:

www.hs-fresenius.de/standort/koeln/




# Cologne Business School

**Dokumenter fir d'Aschreiwung:**

- CV mat Passfoto

- Lettre de Motivation

- Kopien vun verschiddenen Zensuren

- Eng amtlech beglawegt
Kopie vum „Diplôme de fin d'études secondai res"

- Eng Foto am JPEG Format

**Obnahmprüfung:**

Gin all Mount ugebueden "Assessmentdays" an ass 2 Joer gülteg. D'Obnahmprüfung gesäit wéi follegt aus:

- Een Virstellungsgespréich

- Een Engleschtest (fir net däitschsproocheg Studiegäng)

- Een Schrëftlechen Examen

**Wichteg Terminer:**

Den Studienstart ass nëmmen am Wantersemester!D'Virliesungszäit ass vun Ufank September bis
Ufank Juli.Studienkäschten: Ca. 5000€ am Semester

**Ugebueden Studiegäng fir den Bachelor:**

- International Business (englisch)

- Intercultural Management (englisch)

- International Tourism Management (englisch)

- Digital Media Management (englisch)

- Business Psychology (englisch)

- Wirtschaftspsychologie (deutsch)

- General Management (deutsch)

**Ugebueden Studiegäng am Master:**

- International Business (IB) (englisch)

- IB-Entrepreneurship (englisch)

- IB – Financial Management (englisch)

- IB – HRM & Leadership (englisch)

- IB – Strategic Managemt & Consulting (englisch)

- IB – Marketing Management (englisch)

- Intercultural Management (englisch)

- International Tourism Management (englisch)

- Digital Marketing (englisch)

- General Management (deutsch)

- General Management für nicht-Ökonomen (deutsch)

- Wirtschaftspsychologie (deutsch)

Och Berufsbegleedend Studiegäng gi ugebueden.

Fir méi Informatiounen kann een sech als Schnupperstudent oder fir Infoveranstaltungen umellen.

Allgemeng Informatiounen zur Cologne Business School:

www.cbs.de



**Méi Informatiounen ënner:**

www.rfh-koeln.de/studium/anmeldung-bewerbung/

**Studiekäschten:**

Bis zu 499€ am Mount

**Dokumenter fir d'Aschreiwung:**

- Eng amtlech beglawegt Kopie vum „Diplôme de fin d'études secondaires"
- Een fachspezifeschen Stage vun 6 Wochen
- Umeldungsformulaire
- Een CV
- Eng amtlech beglawegt Kopie vum Gebuertsschäin
- 2 Passfotoen

| | |
|---|---|
| **Bewerbungsfrist:** | Wintersemester 15.07 / Sommersemester 15.01 |
| **Semesterbeginn:** | Wintersemester 01.09 / Sommersemester 01.03 |



www.fh-mittelstand.de

**Studiefächer:**D'FHM bitt souwuel Bachelor an Masterstudiengäng un, méi Informatiounen fënnt een op hirer Websäit.

**Wichteg Terminer:** Et kann een sech dat ganzt Joer umellen, awer et soll een bis spéitstens den 31.08 seng Demande erashécken wann een an deem Joer mam Studium starten well. Et gëtt keen NC!

**Studiekäschten**: Ca. 600€ am Mount




[www.sae.edu/de](http://www.sae.edu/de)

**Studiefächer:**

- Audio Production Bachelor Program
- Digital Film Production Bachelor Program
- Game Art Animation Bachelor Program
- Games Programming Bachelor Program
- Music Business Bachelor Program
- Media Production and Publishing Bachelor Program
- Visual Effects Animation Bachelor Program

**Wichteg Terminer:**

Et kann een sech dat ganzt Joer iwwer umellen.

Studiekäschten: Em 600€ am Mount.

Et gëtt keen Numerus Clausus!

D'Coursen sinn vill praxisorientéiert!

**Weider Héichschoulen:**

Hochschule für Musik www.mhs-koeln.de

Katholische Fachhochschule www.kathonrw.de
Kunsthochschule für Medien www.khm.de

Macromedia Köln www.macromedia.de

HMKW www.hmkw.de

Hochschule für Musik und Tanz www.hfmt-koeln.de

**Wat ass den Numerus Clausus (NC)?**

Den Numerus Clausus ass den däitschen Bewäertungssystem. Wann een sech an Däitschland fir een Studium umellt, gëtt automatesch aus der Lëtzebuergescher Nott eng Däitsch Nott berechent. Den Däitschen System bewäert vun 1-5. 1 ass déi bäscht Nott an 4 déi niddregst. Eng 5 gëllt als net bestanen. Den aktuellen Numerus Clausus vun den verschiddenen Fächer fënnt een op der Säit vun der jeeweileger Uni an variéiert all Joer. Verschidden Fächer hunn een méi héischen NC wéi anerer, zB.: Psychologie oder Medezin.

# D’Liewen zu Köln



- Unzuel un Awunner: 1,086 Milliounen
- Unzuel u Studenten: 103 130
- Unzuel un lëtzebuerger Studenten: ca. 400
- Distanz vun Lëtzebuerg-Staat: 200 km, 2 bis 2,5  Stonnen mam Auto

## Wéi fannen ech am bäschten eng Wunneng?

Op Facebook gëtt et eng privat Grupp vum LSC "Wunnengssich (LSC)" fir d'Sich fir lëtzebuerger Studenten ze vereinfachen: facebook.com/groups/1746165088989987/

Hei kann jiddwereen deen op der Sicht no enger Wunneng ass oder seng Wunneng verlounen well een Post maachen. Och Miwwel kennen heiriwwer kaaft an och verkaf gi. Et fënnt een awer och weider Kölner Gruppen op Facebook op deenen Wunnengen verlount oder och verkaf gi.

aner Méiglechkeet fir eng Wunneng ze fannen bidden Internetsäiten, wéi z.B.: immobilienscout24.de. Och Affichen op der Uni, Annoncen an der Zeitung, Immobilienagencen oder och d'AStA (https://www.asta.uni-koeln.de/#hero) kennen engem bei der Sich hëllefräich sinn.

Wann een op der Sicht no enger WG ass, kann een op folgender Säit: www.wg-gesucht.de

## Wéieng Laag ass am bäschten?

Am wichtegsten ass, dass een eng gutt Bus- an Bahnverbindung huet zum Zentrum oder zur Uni! Déi meescht Studenten wunnen an den "Veedel" oder och Véierel Sülz, Lindenthal, Innenstadt, Ehrenfeld, Klettenberg, Zollstock an Deutz. Wat een méi wäit vum Stadkär fortwunnt, wat d'Wunnengen och méi bëlleg gi. Vëlo ass een zu Köln awer och ganz séier vun A op B duerch déi vill Vëlosspueren.

# Duerschnettlech Loyers-Käschten:

Studentenwohnheim: ca. 450€

Studio: ca. 500€ - 650€ fir 30 qm

Wunngemeinschaft: ca. 500€

# Gett et een Studentenveirel?

Déi typesch Studenteveirel sinn Sülz, Lindenthal, Klettenberg, Belgisches Viertel, Zollstock, Neustadt-Süd und Ehrenfeld.

# Typesch Köln

Wann een un Köln denkt, fällt engem direkt den Dom an. Dobäi nennt een ënner Studenten Köln net fir näischt "Cöllefornia". Nee! Köln huet nach vill méi ze bidden. An der Alstad kann een en erfrëschenden Kölsch drénken an dobäi d'Aussicht op den Rhäin genéissen.
D'Hohe Straße, d'Schildergasse, d'Breite Straße an d'Ehrenstraße lueden zum Shoppen an. Och Kulturliebhaber kommen op hier Käschten. Et gi eng ganz Rei Muséeën, Theater an Operen. Och Concerten vun allen Genren kann een an der Lanxess-Arena, am Palladium oder am E-Werk kucken goen. Och Musicals sin zu Köln ganz



bekannt. Fir d'Naturliebhaber gi et zu Köln eng Rei Parken, Bëscher an Weieren. Och Sportler kommen op hier Käschten mam 1. FC Köln, den Kölner Haie an villen aneren Sportveranstaltungen. An op keen Fall däerf een dem Kölner seng Lieblingsjoreszäit, an zwar déi 5 Joreszäit, verpassen: Karneval!




# Insidertipps: wou kann een gutt iessen goen?

An ganz Köln fënnt een lecker Restaurant'en wou een bëlleg iessen kann goen. Ganz beléift sinn d'Zülpicherstraße an den Hohenzollernring.

D'Studenten gi am léifsten op der Zülpicher Straße an un den Ringen feieren (beim Rudolfplatz). Awer och am Belgischen Viertel, zu Ehrenfeld, an der Südstadt an an der Altstadt gi vill Méiglechkeeten d'Nuechtliewen ze genéissen.

# Virun dass een op Köln reest:

Virun dass een op Köln reest ass et wichteg eng "Umweltplakette" fir den Auto ze kafen. Des kann een entweder iwwert den ACL, iwwert eng TÜV Garage oder iwwert een Kundenzentrum zu Köln kafen.

Weider Informatiounen:

Wo befindet sich die Umweltzone genau?

http://www.umwelt-plakette.de/umweltzone koeln.php

Wo bekomme ich eine Feinstaubplakette?
[https://www.adac.de/verkehr/abgas-diesel-fahrverbote/umweltzone/umweltplaketten/#wo-bekommt-man-die-plaketten](https://www.adac.de/verkehr/abgas-diesel-fahrverbote/umweltzone/umweltplaketten/#wo-bekommt-man-die-plaketten)

# Wéi kommen ech bëlleg an schnell vun Lëtzebuerg op Köln?

Am schnellsten ass een mam Auto zu Köln (ca. 2,5h). Den LSC bitt op Facebook eng Matfuergeleeënheetsgrupp un ënner "Matfuergeleeënheet, Köln <--> Letz" ([www.facebook.com/groups/164317913629839/)](http://www.facebook.com/groups/164317913629839/) A wer opgepasst fir zu Köln ze parken huet een am Beschten et keeft een sech een Bewohnerparkschein mat deem een fir 30€ am Joer an sengem Véierel parken kann. Dësen kritt een zu Köln an engem Kundenzentrum.

Eng aner Méiglechkeet gëtt et, wann een mam Zuch op Köln kennt. Dobäi brauch een ca. 4h. Een mol den Dag, an der Woch, fiert och een Direktzuch vun Letzebuerg op Köln an ëmgedréint.




# Wat ass déi bëllegst Méiglechkeet sech zu Köln ze beweegen?

Am schnellsten kennt een zu Köln mam Bus an mat der Bunn vun A op B oder mam Vëlo. Fir den ëffentlechen Transport brauch een op den meeschten Universitéiten an Héichschoulen och keen Abonement ze maachen, well dat am „Semesterbeitrag“ inclus ass.



# Den LSC






Am Dezember 1992 hunn sech eng Grupp un Lëtzebuerger Studenten zesummen gedoen an den "Lëtzebuerger Studenteclub Cölln" gegrënnt. Säit 30 Joer treffen sech all Woch Studenten fir mam LSC un deenen verschiddenen Event deelzehuelen. Am Ufank vum Wantersemester organiséiert den LSC een Welcome-Event fir "d'Ersties". Hei kritt een d'Chance den Comité kennenzeléieren an och aner Studenten déi grad zu Köln ugefaangen hunn. An där Woch fënnt och den berüümten Fräibéier statt, deen och deen een oder aneren Studenten aus aneren Stied unlockt.

All Dënnschten treffen sech d'Lëtzebuerger Studenten an verschiddenen Caféen oder Clubs. Hei kris du een Iwwerbléck iwwert eis Events am Wantersemester.

Am Summer treffen mir eis beim Aachener Weiher oder op der Mensawiese an genéissen dat gutt wieder mat verschiddenen Outdoor-Aktivitéiten.

All Donnerschten fënnt eisen Stammdësch am Bootz statt, wou mir deen een oder aneren Kölsch genéissen.

Och Karneval spillt beim LSC eng grouss Roll. Den 11.11 feieren mir net nëmmen Kölle Alaaf, mee och eisen alljärlechen Intercercle, bei dem Studenten aus allen Cerclen agelueden sin.

Nieft eisen Aktivitéiten zu Köln huelen mir och Deel um Studentebal, um Tournoi de Noël an um Student fir 1 Dag vun der ACEL.

Zu gudder läscht, organiséieren mir all Freiden virun der Chrëschtvakanz den Kölner Bal an Lëtzebuerg.